Farb- und Lackreste, Reste von Holzschutzmitteln, wie z.B. Lasuren, Öle & Wachse, sowie Verpackungen mit Resten, verschmutztes Arbeitsmaterial aber auch lösungsmittelhaltige Marker und Stifte enthalten Schadstoffe und gehören nicht in den Restmüll und schon garnicht in den Abfluss !

Les résidus de peintures et de laques, les résidus de produits de conservation du bois, par ex. les glacis, huiles & cires, ainsi que les emballages auxquels adhèrent des résidus, le matériel souillé, mais aussi les marqueurs et crayons renfermant des solvants contiennent des substances polluantes et ne doivent pas être mélangés aux ordures ménagères et encore moins être éliminés dans les éviers !

Info




Farben & Lacke / Peintures & laques — Holzschutzmittel / Produits de protection du bois — verschmutztes Arbeitsgerät / Matériel souillé — Stifte, Marker / Crayons, marqueurs

### Entsorgung und Verwertung !
### Elimination et recyclage !

**Behälter mit Resten und benutzte Utensilien können über die mobilen SuperDrecksKëscht®-Annahmestellen und in den Recyclingcentren abgegeben werden. Moderne Recyclingprozesse sorgen nicht nur dafür, dass die Schadstoffe umweltgerecht behandelt und entsorgt werden, sondern dass auch die Wertprodukte - insbesondere die Metalle aus der Verpackung wieder verwertet werden. Die Farbreste werden zudem nicht einfach so verbrannt, sondern zu Ersatzbrennstoffen aufbereitet.**

**Vous pouvez restituer les récipients contenant des résidus et les ustensiles utilisés auprès des sites de collecte mobiles de la SuperDrecksKëscht® et dans les centres de recyclage. Les processus de recyclage modernes font en sorte que les polluants soient traités et éliminés dans le respect de l'environnement et que les produits valorisables – et plus particulièrement les métaux dont sont faits les emballages – soient valorisés. Par ailleurs, les résidus de peinture ne sont pas simplement incinérés, mais transformés en combustibles de substitution.**

## Vermeidung


Die Anwendung umweltfreundlicher Farben und Lacke ist nicht nur gut für die Umwelt, sondern ist auch aus gesundheitlichen Gründen zu empfehlen. Vor allem bei der Anwendung im Innenbereich sollte man bei der Auswahl von Farben und Lacke sorgfältig sein und auf schadstoffarme bzw. –freie Produkte zurückgreifen. Achten Sie auf Umweltlabel wie das label ‚Clever akafen'.

Kaufen Sie die für ihren Zweck angemessene Gebindegrösse !

Achten Sie darauf, dass die Farbe ergiebig ist. Sie vermeiden dadurch mehrfaches Streichen.

Reste halten sich länger, wenn Sie die Behälter gut verschlossen auf dem Kopf stehend lagern.

**Weitere Tipps auf www.clever-akafen.lu**



## Prévention

L'utilisation de peintures et de laques écologiques n'est pas seulement un plus pour l'environnement, mais est également à recommander pour des raisons de santé. Lorsque l'utilisation de ces produits est prévue à l'intérieur notamment, il faut faire preuve de soin dans le choix de peintures et de laques et opter pour des produits contenant peu ou pas de polluants. Veillez aux labels environnementaux comme le label ‚Clever akafen'.


Achetez des emballages convenant à vos besoins !

Veillez à ce que le rendement de la peinture soit élevé. Vous n'aurez pas besoin ainsi de passer plusieurs couches de peinture.


Les résidus se conservent plus longtemps, si vous fermez bien les récipients et les stockez à l'envers.

**D'autres conseils sur www.clever-akafen.lu**


### Ressourcenpotential für Farbe und Lacke
### Potentiel de ressources pour peintures et laques




Wichtigste Outputströme / Les flux plus importants




DEM-SDK/LU-199732-06.2020-001







DEM-SDK/LU-199756-04.2020-002




# Spraydosen

Sicher entsorgen - Alternativen nutzen !

## Bombes aérosols

Éliminer en toute sécurité - utiliser des alternatives !

Viele Produkte des täglichen Lebens sind als Spray erhältlich. Neben Vorteilen besitzen Spraydosen aber auch Nachteile. Sie stellen, unabhängig von den Inhaltsstoffen, aufgrund ihrer Füllung mit Treibgas eine Gefahr dar. Diese stehen unter Druck und können bei höheren Temperaturen oder unsachgemässem Gebrauch explodieren.




**De nombreux produits de la vie quotidienne sont disponibles en spray. A côté des avantages, des bombes aérosols ont aussi des inconvénients. Quels que soient leurs ingrédients, elles sont dangereuses en raison de leur remplissage en propulseur: elles sont sous pression et peuvent exploser à des températures plus élevées ou en cas d'utilisation inappropriée.**

### Sicherheit / Vermeidung — Sécurité / Prévention



- **Für die meisten Produkte gibt es Alternativen: Deoroller, Rasierseife, selbst geschlagene Sahne etc.**
- **Sollten Sie nicht auf die Vorteile des Sprayens verzichten wollen, so nutzen Sie z.B. einfache Pumpzerstäuber.**
- **Lassen Sie bei höheren Temperaturen Spraydosen auf keinen Fall im Auto oder an sonstigen Orten liegen, die sich aufheizen bzw. der direkten Sonneneinstrahlung.**
- **Pour la plupart des produits, il existe des alternatives: déodorant à bille, savon à barbe, crème battue à la main etc.**
- **Si vous ne souhaitez pas renoncer aux avantages de la pulvérisation, utilisez par exemple un pulvérisateur à pompe simple.**
- **En aucun cas, les aérosols ne doivent être laissés dans la voiture ou dans d'autres endroits chauffés ou exposés au soleil.**

## Verwertung

Leere Spraydosen und Dosen mit Restinhalten können an den Sammelstellen der **SuperDrecksKëscht®** und in den Recyclincentren abgegeben werden. Sie werden beim Recycler zerstört und die Restinhaltsstoffe komplett heraus gepresst, Metalle werden abgetrennt. Die PU-Montageschaumdosen werden bei einem spezialisierten Recycler unter maximaler Rückgewinnung von Sekundärrohstoffen behandelt.

Die Metallfraktion geht zu einem Recycler, der die Trennung in FE- und NE-Metalle durchführt. Bei Bauschaumdosen werden auch die Treibgase aufgefangen und wiederverwertet. Aus dem verbleibenden PU-Lösemittelgemisch kann PU-Recyclat zurückgewonnen werden, das bei der Produktion von PU-Schaum oder als Zusatzstoff in Klebern eingesetzt wird.

Die flüssigen und gasförmigen Reststoffe der Spraydosen werden umweltgerecht und klimaneutral behandelt.


## Valorisation

Les bombes aérosols vides et les vaporisateurs contenant des résidus peuvent être déposés aux points de collecte du **SuperDrecksKëscht®** et dans les centres de recyclage. Ils sont détruits chez le recycleur et les ingrédients restants sont complètement éliminés; les métaux sont séparés. Les bombes de mousse PU sont traitées par un recycleur spécialisé avec une récupération maximale des matières premières secondaires.

La fraction métallique est envoyée à un recycleur qui effectue la séparation entre le FE et les métaux non ferreux. Les gaz propulseurs des mousses de construction sont également collectés et recyclés. À partir du mélange de solvants PU restant, on peut récupérer le recyclat de PU, utilisé dans la production de mousse de PU ou comme additif dans les adhésifs.


Les résidus liquides et gazeux des bombes aérosols sont traités de manière respectueuse de l'environnement et climatiquement neutre.

### Ressourcenpotential Spraydosen
### Potentiel de ressources Bombes aérosols




DEM-SDK/LU-199725-04.2019-001

Wichtigste Outputströme / Les flux plus importants



# Adventsfënster

## Kultur- a Veräinskommissioun

**Dëst Joer am Advent organiséiert d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Fëschbech fir d'éischte Kéier, „d'Adventsfënster".**

Vum 1. bis de 24. Dezember 2020 ginn an eisen Dierfer 24 Fënstere mat Motiver ënnert dem Thema „Advent a Chrëschtdag" vun Awunner dekoréiert. All Dag gëtt eng Fënster opgemaach, déi d'Leit aus dem Duerf kënne kucke goen.

**Gesicht ginn dofir 24 Leit oder Familljen aus der Gemeng Fëschbech, déi bei dëser Aktioun matmaachen an eng Fënster vun hirem Doheem dekoréieren.**

Hei nach e puer Erklärungen:

- All Fënster kritt eng Nummer vun 1 bis 24. Wann eng Fënster z.B. d'Nummer 6 huet, gëtt se de 6. Dezember opgemaach.
- D'Fënster an d'Nummer solle vun der Strooss aus gutt siichtbar sinn.
- Et ginn zwou Varianten:
  - Stëllfenster: Dir dekoréiert eng Fënster an d'Leit aus dem Duerf spadséiere laanscht fir sech Är Dekoratioun unzekucken.
  - Fënster an Aktioun: Dir dekoréiert eng Fënster a loosst Iech nach eppes afalen (z.B. eng Adventsgeschicht virliesen) an/oder Dir kënnt eng Klengegkeet fir d'Leit, déi kucke kommen, zerwéieren (z.b. Glühwäin oder Kichelcher).
- Ob faarweg, dezent, geckeg oder besënnlech, et ass alles erlaabt an der Kreativitéit si keng Grenze gesat.
- D'Adventsfënster soll no deem se op ass, all Dag vun 18 Auer bis 21 Auer beliicht sinn.
- Eng Lëscht mat den Datumen, geneeën Auerzäiten an den Adresse vun de Leit déi matmaache gëtt Enn November 2020 publizéiert.
- Et wier flott, wann d'Fënstere bis de 6. Januar 2020 dekoréiert a beliicht géife bleiwen.

Dës Aktioun soll eis Gemeng méi faarweg maachen an der däischterer Zäit vum Joer an zum gudden Duerfliewen bäidroen.

**Déi Leit, déi wëllen eng Adventsfënster maachen, kënnen sech bis de 4. November 2020 op der Gemeng mellen.**
**E-Mail: population@acfischbach.lu**
**oder Telefon: 32 70 84 1**

**Wichteg:**
Well kee weess wéi et mat der COVID19-Pandemie weider geet, kënnen aktiv Adventsfënstere just am Respekt vun den dee Moment néidegen Sécherheetsmoossname stattfannen, oder och kuerzfristeg ofgesot ginn. An dem Fall gëtt d'Informatioun iwwert den Internetsite vun der Gemeng (www.acfischbach.lu) an iwwert Facebook kommunizéiert.









# Fir en Europa mat oppene Grenzen

09.05.2020 **SCHOUS**

**Op dem Europafeierdag, dem 9. Mee 2020, hat sech eis Geméng der Initiative ugeschloss fir den Europafändel, deen op Hallewmast houng erem erop ze zéien. Well leider kee Publikum derbäi konnt sinn, hei d'Ried vun eisem Buergermeeschter, déi en dee Moment gehalen huet.**

Europa huet dat zesummebruecht, wat zesummegehéiert. Europa, dat ass en Zesummeschaffen an en Zesummeliewen. A kee soll d'Recht hunn, d'Leit an hir Liewensgewunnechten duerch Grenzen ze blockéieren.

Europa, dat sinn Honnerte vu gemeinsamen Aktiounen a Projeten, déi op kommunalem, lokalem a regionalem Plang ëmgesat ginn. Europa, dat si Frëndschaften a Partnerschaften, déi wäit iwwert d'Grenze vun de jeeweilege Länner erausginn. Firwat soll all dat elo beim Kampf géint d'Verbreede vun engem Virus ausser Kraaft an domadder op d'Spill gesat ginn?

Reesen ouni Grenzkontrollen. Sech sécher fillen an een deem anere vertrauen. Europäer ze sinn, bedeit zënter 75 Joer, ouni Krich kënnen ze liewen. Mat ville Fräiheeten, Garantien a Rechter. All dat baséiert op wirtschaftlecher a politescher Stabilitéit. An op der Solidaritéit ënnerteneen. Wéi dat elo zënter Joerzéngten Usus ass ënner gudden Noperen.

Europa ass awer virun allem och en Europa vun de Bierger. Onofhängeg dovunner, obsi déi eng Säit oder déi aner Säit vun deLandesgrenze liewen. Europa ass och en Europa vun de Gemengen a vun de Stied. Well et ass do, wou d'Leit doheem sinn a liewen.

Duerfir och dëse Message vun de Lëtzebuerger Gemengen a Stied zesumme mat hirem Daachverband, dem SYVICOL.

**Europa soll bleiwen, wat et ass.**
**Eng staark Unioun!**

Déi Unioun gëtt, wéi vill aner Liewensgemeinschafte weltwäit, de Momentvun engem Virus op d'Prouf gestallt, mee duerfir brécht se elo awer net auserneen. Well duerfir sinn all déi Verbindungen ze staark an d'Solidaritéit ze grouss.

Haut op dësem 9. Mee 2020, dem Europadag, genau 70 Joer nom Robert Schuman senger Deklaratioun, halen d'Lëtzebuerger Gemengen zesumme mat hire jeeweilegen Nopeschgemengen aus Däitschland, der Belsch a Frankräich den europäesche Gedanke ganz héich.

Mat engem staarke Message a mat engem symbolesche Geste gëtt den Europafändel eropgezunn.
An och aus Stolz op eng Liewensgemeinschaft, déi esou vill ze bidden huet.

Duerfir: Fir en Europa mat oppene Grenzen. D'Bierger vum ale Kontinent kennen a wëlle keen anert Europa!



Foto: Frank WEYRICH

# Maskeverdeelung

**05.2020 SCHOUS**

**D'Maske sinn zanter Mëtt Mäerz net méi aus eisem Alldag ewech ze denken a wäerten eis och nach eng Zäitche begleeden. Fir an enger éischter Phase all Bierger d'Méiglechkeet ze gi mat enger Mask seng eege Gesondheet awer och déi vu senge Matmënschen ze schützen huet d'Regierung am Abrëll all Awunner 5 Maske gratis offréiert.**

Mam Verpaken a mat der Ausliwwerung vun de Maske goufen d'Gemenge chargéiert. An der Gemeng Fëschbech goufen den 21. Abrëll déi éischt Maske vun eisem Gemenge Personal verpaakt a vun Dier zu Dier verdeelt.

Eng 2. Maskenaktioun gouf et dunn Enn Mee, wou op dräi verschiddene Plazen an eiser Gemeng jee 50 Masken iwwert een Drive-Inn, respektiv Walk-Inn, vun eisem Gemengepersonal gratis un all Bierger vu 16 Joer un verdeelt goufen.

*Fränk DAEMS*














*Fotoen: Luss BROSIUS, Fränk DAEMS, Frank WEYRICH*





# Kläranlag Fëschbech Deel 1: De Spuetestéch

11.06.2020 **FËSCHBECH**

**Eigentlech sollten d'Aarbechte fir déi nei Kläranlag zu Fëschbech schonn am Mäerz dëst Joer ulafen an dowéinst war och de Spuetestéch ursprénglech op de 26. Mäerz festgeluecht. Mee, Dir kënnt Iech et denken, wéi bei villen aneren Eventer huet och dëse Rendezvous misste wéinst dem COVID-19 annuléiert, respektiv verréckelt ginn. D'Aarbechte konnte wéinst dem Confinement leider net wéi geplangt ufänken a si réischt Ënn Mee ugelaf.**



Fir de Schutzmoossnamen am Kader vum CORONA gerecht ze gi, war den 11. Juni dunn a Presenz vu ganz wéineg Invitéeën den éischte Spuetestéch. Ënnert hinne S.A.R. de Prënz Guillaume an d' Ëmweltministesch d'Madamm Carole Dieschbourg.

Um ronn 32 Ar groussen Areal kann elo endlech déi nei Kläranlag entstoen. D'Bauphase wäert ronn 1½ Joer daueren, um Projet vun enger neier Kläranlag zu Fëschbech gëtt iwwregens schonn zanter 2005 beim SIDERO geschafft.

Mir hoffen, dass d'Aarbechten zügeg viru ginn an am Gemengeblat vum nächste Fréijoer wäerte mir Iech weider Detailer zu dësem Projet noreechen.

*Fränk DAEMS*









*Fotoen: © Claude RIES / SIDERO*



GEMENG

# Virowend vum Nationalfeierdag

22.06.2020 **FËSCHBECH**

**Och de Virowend vun Nationalfeierdag, konnt dëst Joer net esou an eiser Gemeng gefeiert gi wéi mir et gewinnt waren. Wëll awer och, an vrun allem a schwéieren Zäiten, eis Wäerter an d'Geschicht vun eisem Land net däerfe vergiess ginn, hat de Schäfferot de Gemengerot fir den 22. Juni invitéiert un enger Gedenkminutt fir d'Krichsaffer zu Fëschbech bei der Kierch Deel ze huelen. Uschléissend gouf d'Heemecht gesongen an de Buergermeeschter huet am Sëtzungssall e puer Wuert un de Gemengerot geriicht.**

Entschëllegt ware fir dës kleng Feierstonn, déi selbstverständlech konform zum „social distancing" ofgehale gouf, d'Conseillere Claude Trausch, Pol Brosius a Kevin Olinger.

*Fränk DAEMS*



*Fotoen: Dan HOTTUA*







# Héiche Besuch an der Angsber Schoul

22.06.2020 **ANGELSBIERG**

**Den Dag virun Nationalfeierdag hat d'Angsber Schoul de Privileg fir den Ierwgroussherzog Guillaume kënnen ze empfänken. Als wuel bekanntesten Awunner vun eiser Geméng huet en sech de Schoulbetrib an deenen zwee Gebaier weise gelooss. E war begleet vun dem Claude Meisch, Minister fir Bildung, Kanner a Jugend. Am Schoulhaff ass e vun de Kanner mat dem "Feierwon" empfaang ginn.**

An deene verschiddene Klassen krut e Mol gewise wéi Léieren a Bewegen zesumme passen, mol huet e selwer an engem Team mat de Schüler zesumme un engem Quiz geschafft. De Kontakt mat de Kanner war onkompliziéiert an einfach. Bei engem ganz interesséierte Jong huet e misse weise wéi grouss de Prënz Charel war. Am neie Gebai "Bei de Kueben" war e besonnesch interesséiert un der architektonescher Spezifizitéit an der nohalteger Bauweis. Am Schoulhaff vun der fréierer Spillschoul huet den Ierwgroussherzog och konnten e Bléck op de Gedenksteen geheien, deen zu Éire vun sengem Grousspapp, dem Grand-Duc Jean opgeriicht gi war.

*Text & Fotoen: Frank WEYRICH*





GEMENG


































| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Filmdréi zu Fëschbech

**31.07 & 03.08.2020 FËSCHBECH**

**Zanter Ufanks Juli ass SAMSA Film am Gaang zu Fëschbech um „Waasserhaff" e Film ze dréinen. Et handelt sech em e franséische Spillfilm mam Numm „Les Intranquilles" ënnert dem Realisateur Joachim Lafosse a mat de Schauspiller Leila Bekhti an Damien Bonnard an den Haaptrollen.**

Och de Schäfferot war mat enger Ufro confrontéiert fir de Sëtzungssall vun der Gemeng fir eng Filmzeenen zur Verfügung ze stellen.

An der Woch vum 3. August war et dunn esou wäit an et huet „back to the roots" geheescht: de Sëtzungssall ass kuerzerhand an e Klassesall ëmdekoréiert an d'Garage vum Haus n°3 an der rue St. Nicolas ass zu enger Epicerie ëmfunktionéiert ginn. Wärend 2 Deeg stoungen d'Gemengenhaus an d'Stroosse ronderëm am Mëttelpunkt vum Filmdréi. Well och eng Verfolgungsjuegd mam Auto huet misse gedréint ginn, sinn d'Stroossen zwëschen dem Waasserhaff an der Kierch zäitweis fir e puer Minutte gespaart ginn.

Den 5. August war de Spuk an der Märei eriwwer, de Sëtzungssall war geraumt an de Büro konnt erëm normal funktionéieren.



*Viviane THILL*

*Fotoen: Dan HOTTUA*



GEMENG

# Lëtzebuergesch Coursen op der Héicht

**03.06.2020 FËSCHBECH**

**Vun Oktober 2019 bis Juni 2020 huet d'Gemeng Fëschbech an Zesummenaarbecht mat der MEC asbl zu Schous am Veräinshaus e Lëtzebuergesch Debutant Cours A.1.1. ugebueden.**

Ënnert der Leedung vum Formateur Hubert Schaul konnte 7 Leit aus eiser Gemeng de Cours ofschléissen. Den Här Schaul huet sech esouguer wärend dem Confinement op d'Videokonferenz ëmgestallt, esou dass eis franséisch an engleschsproocheg Matbierger weiderhin gutt betreit gi sinn. Den 3. Juli war d'Diplomiwwereechung a Presenz vum Schäfferot an dem Vertrieder aus dem Gemengerot bei der MEC asbl, Sven Bettendorf.

Wärend der klenger Feierstonn hunn och 2 Kandidaten eng kleng Ried op lëtzebuergesch gehalen fir ze weisen, wat si alles geléiert hunn. Den 2 Deel vum Cours wäert fir Oktober 2020 geplangt gi.

*Luss BROSIUS*

***Felicitatiounen un déi 7 Matbierger fir hiert Engagement.***


*Foto:Dan HOTTUA*

32

| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Petanque zu Angelsbierg

**Petanque, dat flott Gesellschaftsspill mat de «Boulen» fënnt ëmmer méi begeeschtert Unhänger op der ganzer Welt. Zanter kuerzem ass och deen éischte Petanque Terrain an der Gemeng Fëschbech, nämlech zu Angelsbierg bei der Schoul, fäerdeg a bespillbar, an dat net nëmme fir eis Schoulkanner. Ausserhalb vun de Schoulzäite ka jiddereen, op jonk oder manner jonk, gäre vun deem neien Terrain profitéieren.**

Den Encadrement vum Spillfeld, grad wéi Sëtzgeleeënheeten déi fir de Moment nach am Gemengenatelier a Produktioun sinn, sinn iwwregens mat Holz aus eise Gemengebëscher gemaach.

*Fränk DAEMS*





*Fotoen: Luss BROSIUS, Fränk DAEMS*





GEMENG

33

# Vakanz doheem: Wanderen an der Gemeng Fëschbech

**Fëschbech läit matzen an enger schéiner Natur, ass ëmgi vu Bësch a Weieren a bitt doduerch vill Méiglechkeeten, fir an d'Natur ze goen. Besonnesch d'Wanderweeër, déi mat engem wäisse Schëld mat grénger Schrëft an eng Richtung markéiert sinn, invitéieren op entspaant a sportlech Touren.**

Dräi vun de 5 lokale Wanderweeër ronderëm Fëschbech wëlle mir iech hei virstellen.

De Napoleonshutt ass de natierlechen Highlight aus der Gemeng. Iwwer de lokale Wanderwee F1 kënnt ee bei dës wonnerbar Fielsformatioun. Den F1 ass 1,9 km laang, et ass en einfache Wee, dee fir d'éischt duerch de Lëtzebuerger Gronn féiert an da no engem knappe Kilometer riets erop a bis op den Héichpunkt vun der Wanderung, de Napoleonshutt, wou een eng Paus aleeë kann. Iwwert vill géi Trape gitt dir vum Napoleonshutt rëm erof an den Dall. Passt am Fiels gutt op, wou dir trëppelt. Duerno kommt dir rëm zeréck bei den Ausgangspunkt.

Eng Méiglechkeet fir eng flott Wanderung mat der Famill ze maachen, ass de lokale Wee F3, dee 4,3 Km laang ass. Dir kommt laanscht d'Fëschweieren, wou dir eppes drénke kënnt a wou eng Spillplaz fir Kanner ass. De Wanderwee geet no de Weieren duerch den Dall weider an da riets erop an de Bësch. No der Hallschent vum Wee kënnt der bei enger Picknickplaz mat Pavillon eng Paus maachen. Duerno geet et weider duerch de Bësch a schliisslech op engem befestegte Wee an duerch eng Bamallee rëm zeréck op Fëschbech. Duerch den Uertskär mat der schéiner Kierch kommt dir rëm zeréck op den Ausgangspunkt.

De Wanderwee F4 féiert fir d'éischt laanscht de Bësch an Dir hutt wonnerschéi Vuen op Fëschbech. Op enger Bänk kënnt Der eng Paus maachen. Duerno gitt Der ongeféier 100 Héichtemeter duerch de Bësch erop op engem schéine Bëschwee. Duerno geet et rëm erof an den Dall an da laanscht de Bësch gitt Der rëm zeréck Richtung Depart. Dee Wee huet 3,2 km.

Start an Zil vun all dëse Weeër ass de Parking, deen ënnert der Gemeng läit.

*Text & Fotoen:*
*ORT Région Mullerthal-Petite Suisse Luxembourgeoise*
















https://www.mullerthal.lu/fr/decouvrir/randonnees/sentiers-locaux

# Gräifviggel (4. Deel)

**Harespelsfrësser**
*(d. Wespenbussard, fr. Bondrée apivore, lat. Pernis apivorus)*

Den Harespelsfrësser ass némme ganz schwéier vum Bussar ze ënnerscheeden. Och seng Fierwung varieiert grad wei dei vum Bussar vun ganz hell bis ganz donkel, an dobai ass hien och nach grad esou grouss. Hien ass en typegen Zuchvull, dien schon Enn August /Ufank September fortflitt an ereischt am Mée a sengem Revéier zréck ass. Seng Beute besteht haptsächleg aus Insekten, an seng 2 bis 3 Jonger fiddert hien meeschtens matt Larven vun ausgegruewenen Harespelsnäschter. Fënnt hien där net genug, gin natierlech och Wierm, Fräschen oder awer och kleng Viggel a Mais gefang. Et gëtt geschat, datt zu Lëtzebuerg ongeféier 100-180 Puer bréien.

*Text & Fotoen: Olivier MOLITOR*

Gréisst: 58 cm
Gewiicht: 1200 gr
Fliggelspanweit: 130 cm
Eeër: 2-3
Brutdauer: 32 Deeg
Zäit am Nascht: 40 Deeg
Nahrung: Harespelen, Béien, Larven, Seechomesselarven, Insekten, Viggel
Alter: 25 Joer
Feinden: Héngerdéif, Uhu, Ramm (Kolkrabe), Mënsch




*Harespelsfrësser*



**Bussar**
*(d. Mäusebussard, fr. Buse variable, lat. Buteo buteo)*

De Bussar ass den heefegste Gäifvull bei eis (och an Europa). D'Faarf vu senge Fiederen ass ganz ënnerschiddlech. Säin Nascht baut hien a Beem. Et gëtt geschat, datt et zu Lëtzebuerg iwwert 1000 Puer ginn, déi hei bréien.



*Bussar*

GEMENG

# Sozial Distanz fir d'Schoul

Wéi d'Schoul no dem Lockdown erem ugaang ass, waren d'Schüler an 2 Gruppe gedeelt, en A-Grupp an en B-Grupp. Fir datt jiddereen sech dat sollt gutt mierken, huet dat bei eis de Grupp "Alpaka" geheescht an de Grupp "Bieren". Vill organisatoresch Aarbecht huet do derhannert gestach fir datt d'Schoul konnt gehale ginn an dobäi all sanitär Regele agehale goufen.

*Text & Fotoen: Frank WEYRICH*

































**De 15. Juli dëst Joer war an der Angsber Schoul e ganz besonneschen Dag. Net nëmne, datt et dee leschte Schouldag vun engem ganz spezielle Joer war, mee et war och de leschten Dag an der beruflecher Carrière vum Schoulmeeschter Edmond Haas. All Kanner a Kollegen a Kolleginnen hunn him am Haff e schéinen Abschied gemaach. Suguer a puer "anciens" ware mat derbäi. Hei drënner fannt der d'Usprooch, déi d'Sarah Kolber, Präsidentin vum Schoulcomité, un den Edmond geriicht huet.**

# Schoulmeeschter, Här Haas, léiwen Edmond...

net nëmme fir mech, mee ganz sécherlech fir och all meng Kolleginnen an villäicht och fir dech, ass dëse Moment haut een, dee vill ze séier komm ass, an op dee mir gäre nach méi laang gewaart hätten.

Du hues elo ganzer 38 Joer an der Gemeng Fëschbech geschafft a vill Kanner, Kollegen a Kolleginnen op hirem Wee begleet! Nom Änder bass du elo deen zweeten an der Rei, dee seng ganz Carrière hei an der Gemeng verbruecht huet.

Net oft hues de neen zu eppes gesot, wann et drëms gaang ass fir eng Hand mat unzepaken oder eppes ze organiséieren. Obwuel, do fällt mir eppes an. Du hues mer virum kuerzem verroden, dass du zum Fëschber Paschtouer Nee sooss, wéi hien dech fir säi Kierchechouer rekrutéiere wollt.

Mir soen dir ee risegen Merci, an et ass schwireg alles wat mir dir soe kéinten zesummen ze faassen.

Edmond, Merci fir déi vill Joeren an déi vill Zäit déi s du an eis Schoul investéiert hues an dass du dozou bäigedroen hues, d'Angsber Schoul zu deem ze maache wat se lo ass. Merci dass du dech joerelaang fir eis Schoul agesat hues, als Schoulmeeschter, Délégué an och als President.

Merci dass du mat der Gemeng zesummegeschafft hues, a wann néideg och emol gestridden hues an dech fir ons Schoul staark gemaach hues.

Merci fir däin Humor, iwwert deen déi eng méi an déi aner manner laache konnten.

Merci fir däin Asaz, fir eis Schoul méiglechst ëmweltbewosst an nohalteg ze prägen.

*Text & Fotoen: Frank WEYRICH*






















# Flott Spillnomëtteger «Bei de Kueben»



**Mir hunn eis net vum Coronavirus ënnerkréie gelooss an den Kanner vum cycle 1-4 ganz vill flott Momenter mat Spill an Spaass wärend de Spillnomëtteger 2020 gebueden.**

Mir hun esou vill Zäit wéi méiglech dobaussen verbruecht: mir si mam Vëlo bis an d'Stad gefuer, hunn am Bësch eist Beschwullienduerf geschafen, hunn Stratego am Bësch gespillt, waren op Entdeckungsrees mam Naturmusée op Rolleng an hunn eng spannend Schatzsich duerch Duerf gemaach. E flotten Danzatelier, mee och ganzvill kreativ Bastel- a Kachateliers hunn doderniewt fir vill Spaass a Freed am Haus selwer gesuergt... wien net derbäi war huet eppes verpasst!

*d'Equipe aus der Maison Relais «Bei de Kueben»*







| Maison Relais |











| Maison Relais |












ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

| Crèche |

# «Am Kuebenascht»

**Au quotidien, et par les temps présents encore davantage, nous veillons à profiter au maximum de la nature et des espaces extérieurs. Du fait de l'emplacement idéal de la crèche au sein de Schoos, les enfants et le personnel éducatif accèdent facilement et rapidement aux aires de jeux, aux champs et aux forêts alentours. Par ailleurs, nous profitons régulièrement de notre grand jardin, où les enfants peuvent s'amuser sur l'aire de jeux (balançoire et structure de jeu), dans le bac à sable et avec les divers véhicules et autres matériels mis à leur disposition.**

Notre crèche dispose de deux salles principales : les «Raupen» (groupe de 3 à 18-24 mois) et les «Päiperlecken» (groupe de 18-24 mois à 3 ans). En adéquation avec le cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes et le concept pédagogique de la Croix-Rouge luxembourgeoise, les deux groupes ont été aménagés de façon à offrir de nombreuses possibilités de jeux libres aux enfants: la motricité (tunnel, podium de mouvement avec pentes, triangle de Pikler, etc.), les jeux de rôle (cuisine, poupées, déguisements, etc.), la construction (briques de construction, voitures, etc.), le repos et la lecture (canapé, panier, étagère/panier avec livres, etc.), la créativité, la découverte et l'expérimentation (disques tactiles, divers matériaux à verser/à transvaser, jeux d'eau, etc.).

*d'Equipe aus der Crèche «Am Kuebennascht»*

Ci-dessous quelques photos illustrant notre quotidien depuis la réouverture de la crèche le 25 mai dernier, extraits de notre album photo mis à disposition des parents:

















# CIS Fëschbech

**04.06.2020 ANGELSBIERG**





Och wärend dem Confinement wor den CIS Fëschbech am Asaatz fir d'Leit aus eiser Gemeng! Hei z. Bsp de 4 Juni op der Stroos vun Angelsbierg op Miersch.

*Text & Fotoen: Luss Brosius*





| Wat war lass? |

# Éischt CGDIS Übungen nom Confinement

**06.07.2020 SCHOUS**





Nodeems Covid-19 Restrictiounen nees méi labber woren hun Memberen vum CIS Fëschbech nees ugefangen mat hieren Übungen enner fräiem Himmel!

*Text & Fotoen: Luss Brosius*



# 1. Mee emol anescht

01.05.2020

**Obwuel dëst Joer de Covid-19 de Veräiner den 1. Mee e Strëch duerch Rechnung gemaach hat, huet et awer vill Leit an de Bësch gezunn, fir déi flott Traditioun vum Meekranz weider liewen ze loossen.**

Mee eben alleng just an der Famill ouni Veräin a Frënn. Hei e puer Fotoen vun de sellechen Meekränz vum Joer 2020 an eiser Gemeng!

*Luss BROSIUS*


*Foto: Ren SPAUTZ*


*Foto: Luss BROSIUS*


*Foto: Claude ROBINET*


*Foto: Tom GRÜN*





# Léiffrawëschdag

**Och dëst Joer hun Fraen a Mammen vun Der ACFL et sech net huele geloos an hun zu Schous e Wësch gemeet!**

Nodeems d'Wësche geseent gi sinn, goufen se fir 10€ d'Stéck fir e gudden Zweck verkaf.

*Luss BROSIUS*




*Fotoen: Marie-Jeanne Schlechter, Claude Malget*




WAT WAR LASS ?

# Catéchèse - Katechese - Catequese

## Communes de Mersch, Lorentzweiler, Lintgen, Fischbach

**Concerne: catéchèse pour enfants âgés entre 6 et 12 ans (cycle 2.1 – 4.2).**

**Les nouvelles inscriptions** pour l'année scolaire 2020-2021, seront acceptées jusqu'au 10 septembre au numéro 691 879 730 (Mme Pia Ludwig, catéchiste titulaire). Au mois de septembre vous recevrez un courrier avec les détails du nouveau programme pour les cours de l'année 2020-2021. Veuillez noter aussi, que pour pouvoir faire leur Première Communion, les enfants doivent suivre 3 années de catéchèse.

**Betreff: Katechese für Kinder zwischen 6 und 12 Jahren (Zyklus 2.1 – 4.2)**

**Die neuen Einschreibungen** für das Schuljahr 2020-2021 werden bis zum 10. September 2020 entgegen genommen unter der Telefonnummer 691 879 730 (hauptverantwortliche Katechetin Frau Pia Ludwig). Im September werden Sie dann ein Schreiben mit dem genauen Zeitplan sowie die Einzelheiten zum Programm erhalten. Bitte beachten Sie, dass die Kinder erst im dritten Jahr der Katechese an der Erstkommunion teilnehmen dürfen.

**Assunto: Catequese - para crianças entre 6 e 12 anos (Ciclos 2.1 - 4.2)**

**As novas inscrições** para o ano escolar 2020-2021 serão aceites até 10.09.2020 no número de telefone 691 879 730 (catequista responsável Ms Pia Ludwig). Em setembro receberá pelo correio mais informações e detalhes acerca do novo programa para as aulas do ano. Observe que as crianças só podem participar da primeira comunhão no terceiro ano de catequese.




**Firmung 2021**

Ëm Päischten 2021
ass Firmung zu Miersch.

Déi Jugendlech, déi sech
wëlle firme loossen,
mussen op mannst
16 Joer al sinn.

Umelle kënnt Dir lech bis spéidestens
**15. September 2020**
beim Här Dechen Félix Steichen
691 320 059

**Paroisse MERSCH Saint François,**
**8, rue Jean Majerus, L-7555 MERSCH**
***www.miersch.cathol.lu***



Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

# ZERTIFIKAT

**Fëschbech** erfëllt d'Kritäre vun enger Fairtrade Gemeng
a konkretiséiert domadder säin Engagement fir de faire Handel.

**Fëschbech** dréit esou zu enger nohalteger Wirtschaft bäi,
déi de Mënsch an d'Ëmwelt an Afrika, Asien a Latäinamerika respektéiert.

## FËSCHBECH

Éischt Zertifizéierung: ***10. November 2013***
Erneiert zertifiéiert: ***12. August 2020***

***Mir gratuléieren a soe Merci fir den Asaz !***

President vu Fairtrade Lëtzebuerg asbl

Geneviève Krol
Direktesch vu Fairtrade Lëtzebuerg asbl

**FAIRTRADE WIELEN.**
*Gutt fir d'Mënschen. Gutt fir d'Ëmwelt.*
***www.fairtrade.lu***

# Rezept vun der Bom



## Pouletskroketten

1 decke Poulet
4 Pouletsfilets
Miel
Mëllech
Salz, Peffer
Mouskatnoss
Bouillonskūb (fir d'Zoos)

De Poulet am Schäffchen broden, Pouletsfilets am Bouillon (Pouletsbouillon) kachen. Fleesch kleng schneiden.


Eng ganz steif Bechamelszooss machen a gutt würzen mat Salz, Peffer, Mouskat, a mat Bouillons-küb ofschmaachen.



D'Fleesch drënner mëschen, iwwernuecht an de Frigo stellen (keen Deckel drop machen)

Denn aneren Dag Krokette machen.
Eer opklappen, Panéiermiel op en Teller machen a Krokette formen.
An der Friteuse baaken bis se goldgiel senn, mat enger gudder Zalot zerweieren.

Gudden Appetit !







**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| technique@acfischbach.lu | |
| BECKERS Romain | 32 70 84 - 22 |
| romain.beckers@acfischbach.lu | |

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu